Netzneutralitéit däerf net stierwen!

Ass d’Netzneutralitéit erëm a Gefor? D’USA hunn viru kuerzem hier Netzneutralitéit opginn an domadder dem Drock vu groussen Firmen noginn. A wat kann dat fir Auswierkungen fir mech hunn? Fir d’Netzneutralitéit ganz einfach ze erklären stellt der iech vir, dir sidd op enger Autobunn. Hei däerf all Mark vun Auto drop fueren. All Auto gëtt ob eiser Datenautobunn gläich behandelt. Ouni Netzneutralitéit wär et esou, datt zum Beispill just nach Leit mat engem BMW dierfen d’Iwwerhuelspur notzen. All déi aner hätten Pech gehat.

Datt esou eppes net däerf geschéien ass hoffentlech kloer. Well een Internet ouni Netzneutralitéit féiert zu enger immenser Ongerechtegkeet. Sou muss een fir all Service extra bezuelen. Dir wëllt Netflix kucken? Dann bezuelt der extra. Dir wëllt E-Mailen schécken? Dat kascht dann extra. Dat alles féiert dozou, datt den Konsument méi muss bezuelen fir de selwechten Service deen en am Moment huet. An och Start-Ups a méi kleng Firmen ginn esou benodeelegt. Wou sech grouss Multinational Firmen eng gewëssen Prioritéit kënnen erkafen, ass dat fir anerer net méiglech. En Internet ouni Netzneutralitéit ass puert Gëft fir Weiderentwécklung vun engem Land, fir déi sozial Gerechtegkeet an natierlech fir d’Ekonomie.

Do ass et natierlech schéin ze gesinn, datt d’Europäesch Kommissioun sech well fir eng Netzneutralitéit an der EU ausgeschwat huet.

<HTML> <blockquote class="twitter-tweet" data-lang="en"> We will continue to protect #NetNeutrality in Europe, ensuring that all traffic is treated equally:
→ Every European must be able to have access to the #openinternet
→ No blocking or discrimination of online content, applications and serviceshttps://t.co/dSUM6wYwhu pic.twitter.com/r4Tmv2oy0i — European Commission (@EU_Commission) December 15, 2017</blockquote> <script async src="https://platform.twitter.com/widgets.js" charset="utf-8"></script> </HTML>

Mat dem Accord vun dësem Evenement gëtt fir d’éischte Kéier de Prinzip vun der Netzneutralitéit an der EU beschriwwen: D’Benotzer musse gratis Zougrëff zum Inhalt vun hirer Wiel kréien. Se ginn net ongerecht blockéiert oder gedrosselt, a bezuelte Prioritéiten ginn net zougelooss.

Den Chaos Computer Club Lëtzebuerg (C3L), Frënn vun der Ënn (FVDE) a Freifunk Lëtzebuerg (FFLUX), setzen sech fir en oppenen, fräien a virun allem och onlimitéierten Zougang zu Informatiounen an!

communiqué

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=news:2017:1218_netzneutraliteit_daeerf_net_stierwen

Last update: **2017/12/18 22:50**